ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

n° 2764

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Alff Christian , 11:14, 03/09/2020

Lëtzebuerg, den 2. September 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

Et gëtt ëmmer nees Situatiounen, wou Texter publik gemaach ginn, déi net fir eng breet Ëffentlechkeet, mee just fir een Adressat geduecht waren. Mat de soziale Medie sinn esouwuel déi ëffentlech wéi och privat Kommunikatiounskanäl nach eemol multiplizéiert ginn. Haut ass et net ëmmer einfach, ze ënnerscheeden, wat ënnert d'Bréifgeheimnis fält a wat net. Duerfir wollt ech der Madamm Justizminister dës Froe stellen:

1. Kann d'Madamm Minister déi aktuell gëlteg Definitioun vum „Bréifgeheimnis" erklären an och d'Strofen, déi mat enger Verletzung dovu verbonne sinn, opzielen?
2. Bezitt d'Bréifgeheimnis sech just op de klassesche geschriwwene Bréif, ass et op elektronesch Medien erweidert ginn a gëtt et eng international Praxis oder eng Lëtzebuerger Jurisprudenz, déi dës Erweiderung erkläert oder rechtfäerdegt?
3. Gëlt also dat Bréifgeheimnis ouni Aschränkung fir geschriwwe Messagen op Pabeier, fir SMS a fir Messageries-Zerwisser (personal message) wéi déi vu Facebook, Whatsapp, asw?
4. Am Fall, wou dat net esou wär, wat sinn déi rechtlech Grënn fir e privaten elektronesche Message un en eenzelen Adressat net esou ze behandele wéi e private Schréftverkéier?
5. Ass de Fait, datt niewent der Publikatioun vum Inhalt vun engem privaten elektronesche Message ouni d'Awëllegung oder d'Wësse vum Absender, och nach d'Identitéit a vläicht nach aner, zousätzlech Informatiounen iwwert den Absender vun engem private Message publik gemaach ginn en erschwéierenden Ëmstand?
6. Wéi ass d'Rechtslag wann dem Absender e berufflechen, finanziellen oder aneren Nodeel aus esou enger Publikatioun entsteet? Ass den Adressat den de Message ouni d'Wëssen an d'Awëllegung vum Absender publizéiert huet dofir haftbar?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 04 septembre 2020

Objet : Question parlementaire n° 2764 du 02.09.2020 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser - Secret de la correspondance

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés